PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/08/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie, Interieur & Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Verschiddenen europäesch Länner, wéi Éisträich a Spuenien, hu konkret Spuernossnahmen ugekënnegt, wat hire Gas- an Elektreschkonsum ugeet. Deemno dierfe staatlech Gebaier manner gekillt oder gehëtzt an och manner beliicht ginn, fir Energie ze spueren. D'Reduktioun vun der Beliichtung (Facadebeliichtung grad ewéi Stroossebeliichtung) huet hei de Virdeel, dass se och d'Lichtverschmutzung reduzéiert an doduerch besser fir eis lokal Déierewelt ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi steet d'Regierung zur Aspuerung vu Beliichtung op Gemengenniveau op mannst bis zum Enn vun der Energiekris?
2. Wéi eng aner Energieaspuerunge (Stroum, Gas, Mazout,...) wieren an de Gemengegebaier an den Hierscht- a Wanterméint ëmsetzbar?
3. Wéi steet d'Regierung zu weideren Aspuerunge vun der Beliichtung an de Gebaier vum Staat, op mannst bis zum Enn vun der Energiekris?
4. Wéi eng Energieaspuerungen (Stroum, Gas, Mazout,...) wieren an den ëffentleche Gebaier hei an den Hierscht- a Wanterméint ëmsetzbar?
5. Wäerten d'Ministeren heizou eng Circulaire un d'Gemengen an d'staatlechen Administratioune schécken?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député